PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 31/07/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

An hierem Programm vun 2018 huet sech d'Regierung verflicht den RGTR Reseau bis 2030 emissiounsfräi ze maachen. Dëst bedeit ënnert anerem een Ausbau vun de Linnen déi mat Elektrobusser gefuer ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Emissiounen hunn d'Busser vum RGTR Reseau nach 2018 ausgestouss (op dat ganzt Joer gekuckt)?
2. Wéi vill Emissiounen hunn d'Busser vum RGTR Reseau 2022 ausgestouss (op dat ganzt Joer gekuckt)?
3. Wéi vill Emissiounen hunn d'Busser vum RGTR Reseau an den éischte 6 Méint vum Joer 2023 ausgestouss?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten